Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Hl. Franz vun Assisi Péiteng

CaraPio Péiteng Theatersteck 2020: La chasse au porc

Lynn Endlech si mer ukomm!
Jo Gëtt jo och Zäit, schliesslech hu mer dräi an eng hallef Stonn Verspéidung. Aah déi schéi Paräiser Loft!
Lynn [Houscht. Pakt den Ziedel vun der Schnitzeljagd aus.]
Fransous [**kënnt op d'Bühn**]
Jo Wat ass dann déi éischt Aufgab vun der Schnitzeljagd déi d'Cheffen eis virbereed hunn?
Lynn Den Infozentrum fannen. So Monsieur wou ass dann d'Infozentrum?
Jo Sou seet een dat dach net! Où est le Zentrum de l'information?
Lynn Mengs de dat wier besser?
Fransous Dans la rue de Lyon. [**Exit lénks**]
Lynn & Jo Ah jo jo jo. Merci.

(i) *Madame Tussaud*

Lynn [Geet bei eng Dier.] Dat muss et wuel sinn. [**Exit riets, kënnt nees erëm**]
Jo An wéi war et? [**Aarbechter stellt lénks e Route Barrée Schëld op d'Bühn a geet neess**]
Lynn Ma ech hunn déi Fra gefort wat een hei alles kucke goe kann.
Jo An?
Lynn Ma déi huet mir net geäntwert. Déi huet weider keng Minn verzunn. Ech hu se gefrot: "Maacht dir de Geck mat mir Mme Tussaud?" Komm Jo, mir kucken einfach um Plang no dem nächste Posten. Dat do musse mir eis net gefale loossen.

(ii) *Route Barrée, Metro, Katakomben*

Jo Komm mir ginn deen dote Wee.
Lynn Bass de dir ganz sécher?
Jo Majo, dat ass d'Ofjierzung.
[Si bleiwe virun engem Warnschëld "Route Barée" stoen.]
Jo [liest vir] Roude Beret.
Lynn Hei muss een e roude Beret un doen.
[Si dinn e Beret aus hirem Rucksak un]
Lynn Gesi mir net schéin aus?
[Si ginn an en Tunnel, Exit lénks] [Et gëtt däischter op der Bühn.]
Jo Wat ass et hei donkel! [**Mécht säi Känki un.**]
Lynn Bass de dir nach ëmmer sécher dass mer hei richteg sinn? [**Mécht säi Känki un.**]
Jo Hmm…
[Et kommen Metro Luuchten déi ausgesi wéi Täscheluuchten, vu lénks op si duer.]

E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT
BIL BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

Jo Hah! Gesäis de, mir si richteg. Dat sinn aner Scouten.
Lynn Moien! Vu wou kommt dir dann?
[De Metro kënnt méi no.]
Lynn Aaah! Dat si keng Scouten!
[Si sprangen an e Säitentunnel, de Metro fiert laanscht se. Exit riets.]
Jo Oh dat war knapp.
Lynn Jo, dat kanns de haart soen! [**Hatt hieft en Doudekapp op.**] Dat hei sinn dach…
Jo D'Katakomben, jo!
Jo Komm mir ginn einfach dem Wee vun de Katakomben no.
Lynn Jo. … Hei steet jo "Louvre".
Jo Ouvre… dat heescht "opmaachen"! [D'Dier huet e Schlass.] Oh nee! En Zueleschlass!
Lynn Dat ka jo net sinn dass eis Cheffen eis déi Dir zou gemaach hunn.
Jo Ech maachen se op. Wéi ass dem Chef säi PIN Code?
Lynn 1 2 3 4.
Jo Et ass gaangen! **[Si gi vun der Bühn.]** **[Et gëtt hell op der Bühn.]**

(iii) *Louvre*

Lynn & Jo [**kommen zur Mëtt eran**]
Lynn Dat gëtt et dach net. Wat ass dat heiten da fir eng Glaspyramid?
Jo Virwat si mir elo bei esou vill Gemälde?
Lynn Ech weess et och net. Ech weess just dass ech Honger hunn.
Jo Wou s de et grad seess, ech och!
Lynn Mir brauchen Holz fir e Feier.
Jo Ma hei hu mer es jo. [Hëllt e Bild vun der Mauer.]
Lynn Mee déi Biller sinn awer esou schéin. [rappt d'Rumm vun de Biller]
Jo Kuck dir emol all déi Leit un, déi maache jo Fotoe vun eis!
Aarbechter Qu'est-ce que vous faites ici?
Jo Mir huele just d'Rummen!
AarbechterNos images!
Jo Im Aasch? Dee ka jo Däitsch!
Lynn Oh oh, do kommen Gendarmen. Zäit dass mir hei fort kommen. [**all vun der Bühn, Mëtt**]

(iv) *Eiffel Tuerm & Bréck*

Lynn & Jo [**kommen op d'Bühn, riets**]
Jo Mir hunn se of gehaang! [**si sinn knaschteg an ausser Otem**]
Lynn Lo musse mir just nach en Trépied sichen.
Jo Sou lo maache mir mol e schéint Lagerfeier. [benotzt e Feiersteen]
Lynn Hänk d'Dëppen un den Trépied, mir maachen elo Goulaasch.
Jo Nee, komm mir fänke mam Dessert un.
Lynn Mir maachen eis elo gutt Pattapuffen.
[si huele färdeg Spiesser mat Speck aus dem Rucksak.]
Jo Mmmm Pattapuff.
Lynn Oh nee, gesäis de de Gendarm deen op eis zou kënnt?
Jo Jo, wat solle mir dann soe wat mir hei maachen?
Gendarm Bonjour, vous faites quoi ici?
Lynn Qu'est-ce que vous pensez? Nous avons un trépied et du feu, nous mangeons!
Gendarm Un trépied? Mais c'est la tour Eiffel! Et ça? C'est qoui?
Lynn Des Pattapuff.
Gendarm [Explosiouns Geste] Puff? Terroristes! [mécht d'Siren un]

E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT
BIL BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

Lynn & Jo Oh nee!
[D'Scoute laafe fort.]
Jo Komm, iwwer d'Bréck! … Stop! Mir sinn ëmzingelt!
Lynn (Panik) Wou hinn elo? Mir si verluer!
Gendarm Que faites vous à Paris?
Lynn Eng Schnitzeljagd!
Jo [Sicht no engem Auswee] Hei gesäis de dat Bot op der Seine?
Gendarm En français s'il vous plaît!
Jo Op d'Bateau-Mouche mat dir!
Lynn Nous faisons une … eh… une
Lynn & Jo CHASSE AU [sprange vun der Bühn] POOOOOORC [RIDO (bleift zou)]

Requisiten

- Route Barrée Schëld
- Route Barrée Stänner
- 1x Sécherheetsveste Aarbechter
- 1x Helm Aarbechter
- Roude Beret fir d'Lynn
- Roude Beret fir de Jo
- 2 Täscheluuchten (fir de Metro)
- Metro "Verkleedung"/Schëld
- 1 Billerrumm (selwer maachen)
- ~~Requisite vum grousse Stéck~~
- 1 Bild fir aus der Rumm ze rappen
- 2 Rucksäck
- 2 Foularden
- 2 Scouts Uniformen
- 1 Franséisch Police Uniform
- 1 Franséisch Police Hutt
- 1x Sirenentéin & Luucht1x Police Päif
- Camouflage Faarf ("Knascht")
- PatapoufFeiersteen
- Zueleschlass mat Ketten
- Doudekapp
- 2 Lanteren

Rollen

Scout
Scout
Gendarme
Fransous
Louvre Aarbechter

E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT
BIL BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG